N°2498
Entrée le 23.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2498 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Wat bezilt d'Hotelschoul fir d'Locatioun am GridX?**
2. **Goufen op mannst 3 Offeren fir d'Locatioun vun de Gebäilechkeeten gefrot?**
3. **Huet d'Hotelschoul aner Offere fir d'Implantatioun vum Site ofgeleehnt? Falls jo, wéi vill gouf hei fir d'Locatioun vun de Gebailechkeete gefrot?**

D'Hotelschoul (EHTL) huet keng aner Offere fir d'Implantatioun ofgeleent. D'Decisioun, fir d'EHTL zu Wickreng unzesidelen, resultéiert aus der Iwwerleeung, datt et fir den HORECA-Secteur vu grousser Bedeitung ass fir, niewent dem Standuert Dikrech, och eng weider Offer am Beräich vun dem Hotelmanagement, der Restauratioun, der Hospitalitéit an dem Tourismus am Süde vum Land unzebidden, fir méi Apprenantë kënnen auszebilden. Hei sief och betount, datt d'Loyerskommissioun vum Finanzministère all Dossier analyséiert an iwwerpréift, ob déi vum Staat gefuerdert Critèren a puncto Präis a Qualitéit agehale ginn. De Loyer, deen de Staat bezilt, orientéiert sech dobäi um gängege Maartpräis.

Lëtzebuerg, den 22. September 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH